



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3768 vum 4. Mäerz 2021 iwwert verschidde Sécherheetsmängel um Findel, déi am Kader vun engem Audit vun der ANA duerch d'DAC festgestallt goufen, huet den Här Minister deemools ënner anerem dat hei geschriwwen: *“An den Deeg nom Audit gouf der DAC en korrektiven Aktiounsplang, deen aus e puer Etappe besteet, zur Verfügung gestallt, wei bei all Net-Konformitéit. Dëse leeft bis Enn 2021 a gouf vun der DAC guttgeheescht“*.

Zu der Fro vum schliëmmst méiglechen Impakt op de Findel huet den Här Minister deemools geschriwwen: *“Aus enger operativer Perspektiv, wier déi extreemste Moosnam theoretesch e partiellt oder komplett Zoumaache vum Fluchhafen oder vum Loftraum. Sou eng Moosnam schéngt allerdéngs am Moment weder gerechtfäerdegt nach proportional“*. Wéi rezent an der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 7950 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement ze liese war, koum et an der Lescht awer zu substantziellen Aschränkungen am Passagéierverkéier, well d'Zuel vun de Landunge vum 20 op zwielf pro Stonn huet misse reduzéiert ginn. Als Begrënnung schreift den Här Minister dann ënner anerem dat hei: *“Am Kader vun engem Audit vun der Administration de la navigation aérienne (ANA) huet d'Direction de l'Aviation civile (DAC) eng Rei Non-Konformitéite festgestallt. Eng dovun ass als Niveau 1 klasséiert ginn an d'DAC huet eng direkt Aktioun vun der ANA gefrot, déi d'Zuel vun den Arrivéeën op 12 pro Stonn limitéiere soll, soulaang déi Non-Konformitéit net geléist gouf“*.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi déi zwee Dossiere liéiert sinn? Handelt et sech em zwee verschiddenen Auditten oder ëm de Suivi vun identesche Probleemer? Kann den Här Minister am éischte Fall präziséieren, wéi sech dës héich Zuel u Pannen ënnerhalb vu kuerzer Zäit erkläert, respektiv am zweete Fall, firwat den ursprénglechen Delai fir déi festgestallte Mängel bis Enn 2021 ze redresséieren, net agehale gouf?
- 2) Kann den Här Minister elaboréieren, mat wéi vill Ausfäll a Verspéidungen d'Passagéier um Findel notamment während der Saison musse rechnen a präziséieren, wéi laang eng duerchschnëttlech Verspéidung kéint daueren?

- 3) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi dës Mängel sech allgemeng op déi international Reputatioun vum Findel auswierken a preziséieren, ob an deem Zesammenhang scho Fluchgesellschaften annoncéiert hunn, hir Aktivitéiten um Findel ze reduzéieren oder anzustellen, respektiv op geplangt Expansiounen oder nei Néierloossungen ze verzichten?
- 4) Kann den Här Minister elaboréieren, ewéi ee Chiffer d’Affaires der Firma LUXAIRPORT als Exploitatiounsgesellschaft duerch dës Reduktioun maximal ka verluer goen a preziséieren ob dës oder och de Staat direkt am Risiko stinn an dësem Zesammenhang missen Indemnitéiten u betraffe Fluchgesellschaften ze leeschten?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten